# regatta.lu 2019 handbook



# E Wuert vum Presi

**Léif Schülerinnen a Schüler,**

Wéi ech ären Alter hat, ware mer zu 3,5 Milliarde Mënschen, haut si mer zweemol sou vill. D'Welt vun deemools war praktesch an zwee gedeelt, déi eng Säit de Kommunismus an déi aner Säit de Kapitalismus, getrennt duerch eng Mauer an Däitschland. E puer mol hat et net vill gefeelt a mir mat de Nuklearwaffen d'Mënschheet zerstéiert.

Meng Chance war et, an deem Deel op Welt komm ze sinn, mat deene meeschten individuelle Fräiheeten. Sou stoung mer näischt am Wee, mir menge Stäerkte bewosst ze ginn, mech fräi ze entfalen a mäi Wee ze goen.

Genau esou war et och mat der Maartwirtschaft. Den Dram vun onendlecher Energie huet zum Bau vun Atomzentrale gefouert. Mir haten als Jonker dogéint protestéiert, déi geplangten Atomzentral zu Rëmerschen op Lëtzebuerger Bueden ass dofir net gebaut ginn. Awer leider gouf dann eng vun deene gréissten an Europa bei eis un der Grenz bei Cattenom gebaut, déi haut nach a Betrib ass. D'Accidenter zu Tschernobyl a Fukushima hu gewisen, dass déi Technik, wann se ausser Kontroll geréit, net nëmmen de Liewensraum an deene Regioune fir onendlech Zäiten zerstéiert, mee dass dat zu engem globale Problem féiert, wou déi ganz Mënschheet concernéiert ass, déi Aarm wéi déi Räich.

Mir hunn et fäerdeg bruecht, Mënschen op de Mount ze bréngen an erëm heem, net awer eng ëmweltverdréiglech Léisung fir eisen alldeeglechen Transport vun Iesswueren an aner Artikelen ze fannen. Do huet d'Pëtrolsindustrie eis hire Plastik verkaf. Mat deem Plastik konnt een eng onendlech Palett vu Produkter fir den Alldag produzéieren, alles praktesch, liicht a bëlleg. D'Lobby vun der Plastiksindustrie huet dofir gesuergt, dass méiglech Alternativen zu hire Produkter net de Wee op de Weltmaart fonnt hunn.

An esou ass déi ganz Welt wärend Joerzéngte mat Plastik iwwerschwemmt ginn. Mam Wand an iwwert d'Flëss huet de Plastik de Wee an d'Ozeaner fonnt. D'Experte soen haut, dass d'Gewiicht vum Plastik an eisen Ozeaner méi grouss ass, wéi dat vun de liewege Fësch. Mir däerfen net méi nokucken, mir mussen handelen!



Dofir freet et mech enorm, fir mat iech däerfen déi Experienz vu 'Zero Waste' bei eiser Woch vun der Regatta ze erliewen. Et ass kloer, dass eng Noutbrems muss gezu ginn. Loosse mer dofir bei eis selwer ufänken, an all zesumme versichen erauszefannen, wat méiglech ass.

Selwer sinn ech fir d'Zukunft optimistesch. Esou wéi d'Mauer an Däitschland ofgerappt gouf, wäert och iergendwann eng Léisung fir de Plastik an de Mierer fonnt ginn. Vläicht esouguer an der Form vun engem neie Nahrungskreeslaf, wou eng Art vu Liewewiesen sech vum Plastik ernäert… mol kucken, wou d'Rees eis dann hiféiert.

Ech profitéieren heimat vir all eise Skipperen a Co-Skipperen, souwéi de Membere vum Comité de Course fir hiert Engagement villmols Merci ze soen. E spezielle Merci un eisen Organisatiounscomité, deen aus Tania Gibéryen, Isabelle Henschen, Malou Blasen, Claude Muller, Claude Christnach a menger Wéinegkeet besteet. Ouni déi Benevollen an déi vill kleng Sponsore mat hirem Support, wier dat Evenement mat iwwert 200 Bedeelegten net méiglech.

Jiddefalls wënschen ech iech all eng schéi Woch mat villen Andréck an Echangen, déi iech erlaben, ären Horizont ze erweideren an d'Welt vläicht aus engem anere Bléckwénkel ze kucken. Mir sinn net all perfekt a mir kënne bei der Regatta och net all déi éischt ginn. Lët'z Go Sailing and Have Fun!

Äre President
Serge Courtois

# D'Organisateuren

Säit 2016 gëtt Regatta.lu Sailing Schools organiséiert vum Segelclub GLCR an enker Zesummenaarbecht mat der Segelfederatioun FLV an dem Service National de la Jeunesse SNJ. Wéi all Joer hu mir och dës Kéier nees den offizielle Parrainage vum Unterrechtsminister Claude Meisch.

## GLCR - Groupe Luxembourgeois de Croisière et de Régate

De GLCR ass dee gréisste Segelclub zu Lëtzebuerg, an Deen eenzegen dee séch besonnesch u Leit wend, déi op d'Mier segele ginn. E gouf 1979, also viru 40 Joer, gegrënnt, an huet haut ronn 700 Memberen. En huet d'Form vun enger asbl (association sans but lucratif), där hiren Objet social esou an de Statute steet :

*L'association a pour objet la pratique et l'enseignement du sport de la navigation à la voile sur mer, le développement des sports nautiques et du tourisme nautique en général, l'organisation de régates, l'entretien de relations amicales entre ses membres avec les sociétés sportives du Grand-Duché de Luxembourg et de l'étranger, ainsi que l'examen et la solution des problèmes intéressant ses affiliés. Elle peut s'affilier à toutes les organisations nationales ayant comme but la pratique de la voile ».*

Wat am Ufank e klenge Frëndeskress war, ass haut e grousse Veräin mat villen Aktivitéiten. Sou gëtt all Joer e grousse Formatiounsprogramm zesummegestallt, wou een déi verschidden Aspekter vum Segelsport ka kenneléieren, a wou suwuel Ufänger wéi och Fortgeschrëttener sech kënne weiderbilden.

**FORMATIOUN**

Fir d'Ufänger ass do virun allem déi theoretesch a praktesch Formatioun fir de « Permis Mer » ze nennen, wou een d'Grondbegrëffer vum Segelen ka léieren, d'Theorie an Oweskueren, an dat praktescht an engem Stage vun enger Woch. Déi Basis-Ausbildung maachen regelmässeg och Jonker (vu 16 Joer un) déi op der Regatta hiren éischte Kontakt mam Yachtsegelen hunn. Zéckt also net, Iech unzemellen, wann dat Iech interesséiert. Déi nächst Theorie-Couren ginn am Oktober un, a fir dat Praktescht gëtt all Joer e

Péngschtstage an Holland an en Hierschtstage a Kroatien organiséiert. Wann dir déi Ausbildung mat Erfolleg maacht, kritt dir den international unerkannte « Permis Mer » deen Iech weltwäit derzou berechtegt, e Boot bis zu 24 m Längt ze féieren. Dat ass och de Schäin deen dir gefrot kritt, wann der wëllt e Boot lounen oder charteren.

**Méi Info zum Permis Mer**


Do dernierft bitt de GLCR senge Memberen vill aner Formatiounen a Stagen un, ausserdem regelmässeg Owender wou Memberen vun hiren Aventuren erzielen, z.B. wann se vun enger Weltëmsegelung erëmkommen.

An natirlech gehéiert zu den Haaptaktivitéiten vum GLCR och d’Organisatioun an d’Duerchféierung vun der Regatta. Do sinn dëst Joer ronn 70 Skipperen a Co-Skipperen - alles Memberen vum Club - am Asaatz, sief et op engem vun den 31 Booter, sief et am Comité de Course.

**MEMBERSHIP**

Wann der no der Regatta vum Segel-Virus infizéiert sitt, da wir et eng gutt Idee, Member vum GLCR ze ginn. Dat kascht fir Erwuesser 25 € d’Joer, mee fir Schüler a Studenten ass d’Cotisatioun **GRATIS**.

**Info an Umeldung am GLCR**



## FLV - Fédération Luxembourgeoise de Voile

Och d'Lëtzebuerger Segelfederatioun ass 1979 gegrënnt ginn. Member dovun sinn nierft dem GLCR dat virun allem däi Veräiner, déi sech em d'Segelen um Stauséi kémmeren, dat sinn den YCL - Yacht Club du Grand-Duché de Luxembourg - mat senger Base Nautique zu Léifrech, an den CNL - Cercle Nautique Lultzhausen, deem seng Memberen vu Lëltz aus um Stau segelen.

D'FLV ass säit 1981 vum Sportsministär unerkannt, a Member vum COSL - Comité Olympique et Sportif du Luxembourg - « Team Lëtzebuerg ».

D'FLV ass vun Ufank un Co-Organisateur vu Regatta.lu Sailing Schools gewierscht, si këmmert sech ëm alles wat de sportlechen Oflaf betrëfft :

- all d'Skipperen hunn eng Sportslizenz vun der FLV oder vun enger auslännescher Partner-Federatioun
- d'Skipperen sinn domat dann och duerch d'Assurancen vun der FLV couvréiert
- de Comité de Course gëtt vun der FLV gestallt. Dëse Comité leet d'Regelen vun der Compétitioun fest (Instructions de Course), an iwwerwaacht dono de regulären Oflaf vun deene verschieddene Manchen an erstellt d'Klassementer.

Fir seng Missiounen kënnen beschtméiglech ze erfëllen, huet de Comité de Course vun der FLV bei der Regatta.lu 2019 dräi Booter : e grousse Katamaran, vun deem aus d'Startprozedur duerchgefouert gëtt, an deen och Bestanddeel vun der Start- an Zil-Linn ass; do dernierwt 2 Semi-Rigiden (Zodiak), dat sinn Schlauchbooter mat engem feste Buedem, an engem staarke Motor, mat deem de Comité de Course d'Boueeën fir d'Regatta ausleet an dono alles wat um Waasser passéiert ganz Genee suivéiert a séier agräift wann et néideg ass.

**Weider Informatiounen : www.flv.lu**

## SNJ - Service National de la Jeunesse


Den SNJ ass en ëffentlechen Déngscht deen am Optrag vum Unterrechtsminstär schafft a gesetzlech definéiert Missiounen huet :

- zur Ëmsetzung vun der Jugendpolitik bäidroen
- edukativ Programmer fir Kanner a Jugendlecher organiséieren
- d'Transitioun vun deene Jonken an d'aktivt Liewen ënnerstëtzen
- Kontakt- a Berodungsstell sinn fir d'Akteuren déi Jugendaktivitéiten ubidden

Si erfëllen déi Missiounen mat enger Equipe vun 145 festen an 450 fräie Mataarbechter, dorënner och d'Skipperen a Co-Skipperen vun Regatta.lu, déi vum SNJ aus déi kloer Missioun hunn, hir Equipagen während der ganzer Woch ze encadréieren, um Boot an och doriwwer eraus.

Duerch den SNJ ass och séchergestallt dass d'Schülerinnen a Schüler, déi bei Regatta.lu derbäi sinn, grad esou gutt assuréiert sinn wéi dat bei deenen aneren Aktivitéiten de Fall ass, déi vum SNJ organiséiert ginn.

**Den SNJ gëtt och ganz vill Brochuren eraus, wou ee méi iwwert Jugendaktivitéiten zu Lëtzebuerg gewuer gëtt. Informatiounen um Site vum SNJ**



# Merci !!!

Regatta.lu ass eng grouss Organisatioun, déi nëmme méiglech ass, well vill Memberen vum GLCR a vun der FLV sech aktiv engagéieren, an dat zu 100 % benevol, also ouni derfir bezuelt ze ginn. Doriwwer eraus stinn den Organisateuren eng ganz Rëtsch Sponsoren a Partner zur Säit. Hinnen all ee ganz décke Merci !

LUXEMBOURG
LET'S MAKE IT HAPPEN

De Comité Inspiring Luxembourg ënnerstëtzt d'Participante vun der Regatta andeems en Softshell-Vesten sponsort. All Schülerin a Schüler kritt gratis esou eng wäiss Jacket.

TEAM LËTZEBUERG LASEL CHAMBRE DE COMMERCE LUXEMBOURG

Den COSL « Team Lëtzebuerg », d'LASEL an d'Chambre de Commerce ënnerstëtzen d'Organisatioun vun der Regatta materiell a finanziell. Si leeschten domat e wichtege Beitrag derfir, dass de Präis fir d'Participatioun ka niddereg gehale ginn.

SILA think outside — Fonds National de la Recherche Luxembourg — youth4planet INTERNATIONAL

Sila.lu Zero Waste Lëtzebuerg a.s.b.l. ass de Coordinateur vun der Aktioun bei där et drëm geet, eis Regatta sou ökologesch wéi méiglech ze gestalten, an sou wéineg wéi méiglech Offall ze produzéieren. Dës Aktivitéiten ginn finanziell vum Fonds National de la Recherche ënnerstëtzt, an um internationale Niveau an de Programm Youth4Planet integréiert.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de l'environnement

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY SuperDrecksKëscht®

Restopolis services

piwel®

Am Kader vum Zero Waste-Programm konnt och nach op eng Rei aner Partner zeréckgegraff ginn, déi virun allem materiell Hëllef accordéiert hunn.

# De Programm 2019

## Dimanche 7 avril 2019

**Rendez-vous à 20h40** sur le parking du Petit Glacis.

**Départ à 21h00** du Petit Glacis avec deux autocars de « Voyages Vandivinit ».

## Lundi 8 avril 2019

Petit-déjeuner au « Breizh Hotel » à Crac'h


Arrivée à La Trinité-sur-Mer vers 9h00 du matin

Distribution des voiliers, avitaillement et embarquement

Après-midi : prise en main du bateau, navigation libre, entraînement des départs, retour à La Trinité-sur-Mer

18h00 : Waste Control au port de La-Trinité-sur-Mer

20h30 : Dîner commun au restaurant « Chez Jaouen »



# Mardi 9 avril 2019 : navigation dans la baie de Quiberon

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification


16h00 : Eventuellement Beach clean-up, si la Météo ne permettra pas de le faire le lendemain.


18h00 : Waste Control au port de La-Trinité-surMer

Dîner sur le bateau

21h00 - 22h00 : Workshops Savon et dentrifice - Groupe 1


22h00 - 23h00 : Workshops Savon et dentrifice - Groupe 2



# Mercredi 10 avril 2019 : navigation dans la baie de Quiberon

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : stage préparatoire de régate et manche(s) de qualification




Beach clean-up dès l'arrivée dans le port de Crouesty (16h00 ?)

18h00 : Waste control


Dîner sur le bateau (port du Crouesty)

21h00 - 23h00 : soirée film et discussions autour du sujet du Zéro Déchet (Maison du port)




## Jeudi 11 avril 2019 : navigation dans la baie de Quiberon

En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régate en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier





18h00 : Waste Control

Soirée commune au port du Crouesty (Maison du Port)



# Vendredi 12 avril 2019 : navigation le matin


En fonction de la météo et suivant les instructions du comité de course : manches de régate en deux groupes, tour de bouées (parcours banane) et/ou parcours côtier




Retour des bateaux à la Trinité-sur-Mer pour 16h au plus tard, chargement des bus entre 18h et 19h

A partir de 19h30 : closing ceremony à La Trinité-sur-Mer

Départ en bus vers 22h




# Samedi 13 avril 2019

Arrivée au Glacis dans la matinée

# Booter an Equipagen

| N° | Nom | Lycée | Skipper | Co-Skipper | Tirant d'Eau (m) | Type | Handicap | Loueur | Elèves |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | Armide | LGL Lycée de Garçons Luxembourg | Krier Patrick | Vervier Laurence | 1,90 | Dufour 34 | 0.8130 | DYC | 4 |
| 2 | Récidive | LNW Lycée du Nord Wiltz | Kieffer Pierre | Thurm Serge | 1,90 | Dufour 34 | 0.8130 | DYC | 4 |
| 3 | L'Aigle | LJBM Lycée Josy Barthel Mamer | Hornbeck Guy | Reuter Manu | 1,90 | Dufour 34 | 0.8130 | DYC | 4 |
| 4 | Bonchamps | LTMA Lycée Technique Mathias Adam | Jans Benjamin | Martins André | 1,90 | Dufour 34 | 0.8130 | DYC | 4 |
| 5 | Orpheus | LTPEM Lycée Technique Privé Emile Metz | Emonts Roger | Gannard Julien | 1,95 | Bavaria 37 | 0,8596 | DYC | 5 |
| 6 | Thum'Embarque | MLG Maacher Lycée | Bruch Roland | Dofing Jean-Claude | 1,55 | Dufour 360 GL | 0.8658 | DYC | 4 |
| 7 | Bachi-Bouzouk | LJBM Lycée Josy Barthel Mamer | Bormann Olivier | à déterminer | 2,20 | First 36.7 | 0.9188 | DYC | 4 |
| 8 | Wagoo III | AL Athénée de Luxembourg | Buchler Marc | Henschen Isabelle | 2,10 | Sun Fast 37 | 0.8915 | DYC | 4 |
| 9 | Veja | EPF Ecole Privée Fieldgen | Biwer Patrick | Brandenburger | 2,18 | Bavaria 37 | 0,8785 | DYC | 5 |
| 10 | Men Go | LTA Lycée Technique Agricole | Hengen Françis | Matiussi Ernest | 1,95 | Sun Odyssey 379 | 0.8850 | CFC | 5 |
| 11 | Arvaya | LTPSAE Lycée Privée Sainte-Anne | Wetz Robert | Kremer Marie-France | 1,94 | Sun Odyssey 36i | 0.8785 | CFC | 4 |
| 12 | Coyote | MLG Maacher Lycée | Schons Roland | Berg Louis | 1,26 - 2,5 | Sun Odyssey 349 | 0.8596 | CFC | 4 |
| 13 | Maracaibo | AL Athénée de Luxembourg | Mathieu Anouk | Zeimes Peggy | 1,26 - 2,6 | Sun Odyssey 349 | 0.8596 | CFC | 4 |
| 14 | Lohengrin | LGL Lycée de Garçons Luxembourg | Faber Claude | Schmitz Tom | 1,90 | Dufour 34 | 0.8130 | CFC | 4 |
| 15 | Mutine | Vauban Lycée français du Luxembourg | De Roost Erik | Luna Paqui | 1,90 | Oceanis 37 | 0.8850 | CFC | 5 |
| 16 | Skerzo | Vauban Lycée français du Luxembourg | Lambot | Decalf Vincent | 1,90 | Oceanis 37 | 0.8850 | CFC | 5 |
| 17 | Bendy 3 | LTMA Lycée Technique Mathias Adam | Georges François | Martins Victor | 1,50 | Dufour 34 | 0.8130 | CFC | 4 |
| 18 | Polgan | GLCR (réserve) | Thiry Manuel | Geisen Raoul | 2,1 | SO 409 | 0.9404 | CFC | 5 |
| 19 | Colibri | LTL Lycée Technique Lallange | Wirion Raoul | Meylender Raoul | 2,2 | Oceanis 35 | 0.8596 | ATLO | 4 |
| 20 | Manael | LAML Lycée Aline Mayrisch | Goerens Nick | Hoffmann Claude | 1,9 | Oceanis 35.1 | 0.8596 | ATLO | 4 |
| 21 | Teruel IV | Vauban Lycée français du Luxembourg | Lorenzi Philippe | Socard Hervé | 2,2 | First 36.7 Q (quillard) | 0.9188 | ATLO | 4 |
| 22 | Drop | LLJ Lënster Lycée | Hoffmann Guy | Thill Guillaume | 1,2 - 2,54 | Sun Odyssey 349 Q-R | 0.8596 | ATLO | 4 |
| 23 | Ariane | LJBM Lycée Josy Barthel Mamer | Scholtes Guy | Harles Serge | 2,0 | Dehler 38 | 0.8915 | ATLO | 5 |
| 24 | New Vibes | LJBM Lycée Josy Barthel Mamer | Welter Marc | Hoffmann Annick | 2,0 | Sun Odyssey 39i Q | 0.9119 | ATLO | 5 |
| 25 | Houatelse | LJBM Lycée Josy Barthel Mamer | Christnach Claude | Deischter Ralph | 2,1 | Oceanis 38.1 | 0.8415 | ATLO | 4 |
| 26 | Aloha | LCD Lycée Classique de Diekirch | Stein François | Miny Roland | 1,1 - 2,25 | Sun Odyssey 389 DL | 0.8658 | ATLO | 5 |
| 27 | Spirit | LGL Lycée de Garçons Luxembourg | Müller Claude | Schuman Win | 2,2 | First 36.7 | 0.9188 | ILRI | 4 |
| 28 | Penlan | MLG Maacher Lycée | Weber Frank | Glas Jan | 2,2 | First 36.7 | 0.9188 | ILRI | 4 |
| 29 | Ouzo | LEM Lycée Ermesinde | Braun Roger | Demoutiez Carissia | 1,9 | Dufour 34 | 0.8130 | ILRI | 4 |
| 30 | Depaz | AL Athénée de Luxembourg | Bormann Nico | Steffen Yves | 1,9 | Dufour 350 GL | 0.8658 | ILRI | 4 |
| 31 | Las Canteras | AL Athénée de Luxembourg | Olinger Jérôme | Cloos Lis | 1,94 | Sun Odyssey 36 i | 0.8785 | ILRI | 4 |

# Segelen : wat ass dann dat ?

Mir wëllen Iech hei e puer Grondbegrëffer mat op de Wee ginn. Saachen, déi dir bestëmmt wäert am Laf vun der Woch begéinen. Am beschte léieren sech déi Saachen direkt an Aktioun … zesummen mat ärem Skipper a Co-Skipper … mee et ass awer net schlecht, wann der Iech dat schon emol ukuckt fir ongeféier ze wëssen em wat et geet.


A natierlech kënnt der dës puer Elementer och am Laf vun der Woch nokucken, dat hëlleft Iech vläicht, besser ze vestoen, wat um Boot geschitt … oder dir kënnt se dono als Gedächtnisstütze benotzen.

## Vu wou kënnt de Wand ?


Segelen heescht, sech mat Hellef vum Wand um Waasser fortbewegen, also d'Energie vun de Loftbewegungen ronderem eis a Bewegungsenergie ëmsetzen. Dobäi ass et natierlech wichteg ze wëssen, a wéi enger Richtung de Wand bleist, a wouhinner ee wëll fueren.

D'Wandrichtung kann ee feststellen, wann een z.B. Fändele kuckt, déi fräi fléien, e gudde Wandmiesser kann awer och den eegenen (naasse) Fanger sinn, oder déi eegen Nues. Meeschtens lafen och d'Wellen um Mier mam Wand. A mir hunn op eise Booter och uewen um Mast e Feil deen eis weist wou de Wand hierkënnt (Girouette op franséisch / Verklicker op däitsch), an Instrumenter am Cockpit, déi eis d'Richtung an d'Vitesse vum Wand uweisen.

Eist Boot a seng Segelen sinn esou konstruéiert, dass ee net nëmmen mam Wand am Réck ka fueren, mee och quer zum Wand an souguer géint de Wand. Et ass just e Wënkel vun ongeféier 45 Grad riets a lénks vun do wou de Wand hierkënnt, wou ee net direkt ka fueren, also 90 Grad am ganzen. Hei e Schema mat deene verschiddene Richtungen (Kursen) vum Boot zum Wand mat der entspriechender Segelstellung.




Äre Skipper wäert Iech dat sécher am Détail erklären a weisen. Mat der Zäit léiert der dann och déi verschidde Begréffer a Segelausdréck. Op franséisch heescht dat dann alles erem e bëssen aanescht :



## Wat ass dann dat ?

Am Ufank ass op ärem Boot bestëmmt villes, wou der net wësst, firwat dat gutt ass, a natirlech wësst der och net, wéi et heescht. D'Segler hunn fir all méiglech Saachen spezifesch Nimm, an dir verstitt wahrscheinlech am Ufank net ganz vill, wann d'Skipperen ënnerteneen fachsimpelen. Dir léiert dat mat der Zäit, mee och am Ufank ass et wichteg, dass een déi wichtegst Begrëffer kennt, zum Beispill fir dem Skipper séng Uweisungen ze verstoen.

Als zousätzlech Schwieregkeet kënnt derbäi, dass déi Segelausdréck an deene verschiddene Sproochen oft ganz verschidde sinn. Skipperen déi hir Ausbildung an Däitschland gemaach hunn, benotzen éischter déi däitsch Begrëffer; Skipperen déi vill a Frankräich ënnerwee sinn, éischter déi franséisch … an déi déi regelmässeg a verschiddene Länner e Boot charteren hu sech vläicht un dat englescht gewinnt. Lëtzebuergesch Begrëffer gëtt et oft keng, sou dass mir meeschtens entweder dat däitscht oder dat franséischt benotzen, oder eng Mëschung vu béidem.

Hei eng kleng Zesummestellung vu 25 wichtege Begrëffer an deenen 3 Sproochen :

| DEUTSCH | FRANÇAIS | ENGLISH | Explikatioun |
|---|---|---|---|
| Schiff | navire | vessel | Schëff |
| Mast | mât | mast | Mast |
| Baum | bôme | boom | Bam (horizontal Staang ënnen um Groussegel) |
| Bug | proue / étrave | bow | Vir um Schëff |
| Heck | poupe | stern | Hannen um Schëff |
| Großsegel | grand' voile | mainsail | Groussegel |
| Fock | foc | jib | normalt/klengt Virsegel |
| Genua | génois | genoa | grousst Virsegel |
| Windfäden | indicateurs | telltales | Fiedem am Segel, déi de Wand uweisen |
| Winsch | treuil | winch | Virrichtung fir e Seel unzezéien / anzestellen |
| Fall | drisse | halyard | Seel fir d'Segel opzezéien |
| Schot | écoute | sheet | Seel fir d'Segel anzestellen |

| DEUTSCH | FRANÇAIS | ENGLISH | Explikatioun |
|---|---|---|---|
| Festmacher | amarre | warp | Seel fir d'Boot u Land festzemaachen |
| Fender | défense / parre-battage | fender | Plastik-Bumper fir d'Boot ze schützen |
| Klampe | taquet | cleat | Metallsteck fir e Seel dru festzemaachen |
| Reling | cable de garde | guardrail | Gelänner vum Schëff |
| Steuerbord | tribord | starboard | rechts, wann een um Boot no vir kuckt |
| Backbord | bâbord | port side | lénks, wann een um Boot no vir kuckt |
| luv / luvwärts | au vent | windward | zum Wand zou |
| lee / leewärts | sous le vent | leeward | vum Wand ewech |
| Wende | virement (de bord) | tack | Richtungsännerung mam Bug duerch de Wand |
| Halse | empannage | jibe / gybe | Richtungsännerung mam Heck duerch de Wand |
| reffen | prendre un riz | to reef | Segelfläch verklengeren |
| Kurs | cap | course | Richtung wou mer fueren |
| Ruder | barre / gouvernail | rudder / steering wheel | Steierrad |

**Eng vill méi komplett Lëscht an deenen 3 Sproochen fannt der hei als PDF.**

## Wien huet Virfahrt ?


Op dëser Plaz all Verkéiersregelen um Waasser ze erklären, géif vill ze wäit féieren. Dofir hei just d'Basis-Regelen wie muss auswäichen, wann 2 Booter op Kollisiounskurs sinn, also riskéieren aneneen ze knuppen. Déi sollt wa méiglech jiddereen u Bord kennen.

1) **Segel viru Motor**. Generell huet bei ënnerschiddleche Schëffskategorien ëmmer dee Virfahrt, dee méi schwéier ze manövréieren ass. Also Rudderbotter viru Segelbooter, Segelbooter viru Motorbooter. Wéinst der selwechter Regel hunn och Booter déi « navigatiounsonfäheg » (z.B. duerch eng Pann) oder « navigatiounsbehënnert » (z.B. e Fëscherboot wat seng Netzer erausnuet) sinn, Virfahrt virun allen aneren.
   WICHTEG : soubal dir um Segelboot de Motor lafen hutt, sitt dir e Motorboot a musst Segelbooter, déi ouni Motor segelen, auswäichen.

2) **Motorbooter** ënnerteneen : **riets viru lénks** (wéi am Stroosseverkéier)


3) **Segelbooter** ënnerteneen :

   - **Tribord amures virun bâbord amures** : Boot mat Wand vu Steuerbord (Grousssegel op Backbord = Backbordbug) huet Virfahrt géintiwwer engem Boot mat Wand vu Backbord (Grousssegel riets). Op franséisch huet dat Boot mat « tribord amures » Viffahrt, dofir gëtt an der Regatta oft « TRIBORD !!! » geruff wann een en aneren wëllt drop opmierksam maachen, dass e keng Virfahrt huet.




   - **Lee virun Luv** : Wann déi 2 Booter de Wand vun der selwechter Säit hunn, huet deejéinege Virfahrt, dee méi wäit ewech vum Wand ass.

   An der Praxis ass et also esou, wann ee gesäit dass en anert Boot engem zimmlech no kënnt, da kuckt ee fir d'éischt d'Segelstellung (wien ass « Tribord amures » ?), a wann déi 2 d'Segel op der selwechter Säit hunn, muss ee kucken, wien a « Lee » ass, also méi wäit ewech vun do ass, wou de Wand hirkënnt.



**Wichteg och ze wëssen :**

- De Begrëff « Virfahrt » gëtt et um Waasser em Fong offiziell net. Wien keng Virfahrt huet, ass « **ausweichpflichtig** » : dee muss also auswäichen an däerf deen aneren net behënneren. Deen aneren (also deen deen ëmgangssproochleg Virfahrt huet), ass dann « **kurshaltepflichtig** » : dee muss also esou weiderfueren, wéi en grad fiirt, en däerf also z.B. keng Kéier maachen wann deen aneren grad am gaang ass, him auszewäichen.

- Och deen, dee Virfahrt huet, muss oppassen, a wann et riskéiert zum Zesummestrouss ze kommen, muss och deen alles maachen fir dat ze verhënneren (« **Manöver des letzten Augenblicks** »).

Wien alles vill méi genau wësse wëll, kanns dat hei noliesen.

Während der Regatta gëtt et dann nach zousätzlech Regelen, déi an dësen Dokumenter erklärt ginn :


**Résumé des Règles de Course à la Voile - op franséisch**

**Wettfahrtregeln - op däitsch**



## Wien huet gewonnen ?

Mir fueren bei der regatta.lu 2 verschidden Typen vu Competitiounen :




- **Parcours « Banane »** : do geet et net drem, während dem Segelen Banannen z'iessen, mee e Parcours ze fueren, deen e bëssen esou gebéit ausgesäit ewéi eng Banann.

  **D'Startlinn** ass tëscht dem **Katamaran** vum Comité de Course an der **Bouée de départ**, eng déck giel Tonn (ënnen um Schema). Et fiert een iwwert d'Startlinn géint de Wand op d'**Bouée au vent**, dat ass eng deck giel Tonn, déi een op Backbord muss passéieren (uewen um Schema). Säitlech dovun läit dann d'**Bouée de dégagement**, dat ass eng méi kleng giel Bouée, déi ausgesäit wéi eng Fritt, an och déi een och op Backbord passéiere muss. Dono fiert een dann mam Wand am Réck zeréck iwwert d'Startlinn, déi gläichzäiteg och Zillinn ass. Et kënnen och 2 oder 3 Tier op deem Parcours gefuer ginn. Et kann ee wielen, ob een d'Kéier dann ronderem de Catamaran oder d'Bouée de départ mécht.

- **Parcours côtier** : do fiert een e Parcours ronderem verschidde geografesch Punkten, déi vum Comité de Course festgeluecht sinn. Dat sinn normalerweis Tonnen déi do am Waasser leien, z.B. Geforentonnen oder Usteierungstonnen. D'Skipperen kruten mat den Instructions de course 14 verschidde Parcoure gesot, vun deenen der am Laf vun der Woch e puer, awer net all gefuer ginn.

**Annexe PARCOURS**

De Klassement gëtt bei all Manche opgestallt, op Basis vun den Zäiten déi déi verschidde Booter brauchen fir dee Parcours (banane oder côtier) korrekt ze fueren, woubäi d'Zäiten mat engem Koeffizient (Handicap) multiplizéiert ginn, dee pro Bootstyp verschidden ass. Esou gëtt sechergestallt, dass och Booter, déi vun der Konstruktioun hir net grad esou schnell sinn, awer eng Chance hunn, eng gutt Plaz am Klassement ze maachen. Den Handicap vun ärem Boot fannt der am Tableau op Säit 14.

## Geotracking

Mir hunn dëst Joer fir d'éischt e sougenannten Geotracking-System, wou all Boot per GPS localiséiert a suivéiert gëtt. Sou wees een ëmmer, wou wéi e Boot drun ass. Dee System gëtt dem Comité de Course och déi genee Zäit, déi all Boot gebraucht huet, sou dass op där Basis dann d'Klassementer opgestallt ginn. Ausserdem dréit dee System zur Sécherheet bäi, an et kann een domat och nodréiglech genee de Parcours gesinn, dee jidderee gefuer ass.



D'Positiounen vun de Booter kann een och iwwert Internet suivéieren, an zwar souwuel um Site regatta.lu wéi och mat Hëllef vun enger spezieller App, déi jidderee sech kann op den Handy oder Tablet lueden.

De Skipper kritt all Dag moies den Tracker, dee muss **um Mast** vum Boot befestegt ginn. Owes gëtt de Skipper den Apparat dann erem of, fir dass en iwwer Nuecht kann gelueden ginn.

**regatta.lu en direct**

Hei kënnt der d'App downloaden :

Available on the App Store

ANDROID APP ON Google play

# Zero Waste : eisen Challenge

## Objektif : Esou mann wie méiglech Dreck an deser Woch ze produzéieren !

Zesummen matt der asbl sila.lu - Zero Waste Lëtzebuerg, hunn mir ons dës Woch den Défi gesaat, onsen Offall op en absolute Minimum ze reduzéieren. Dir kritt d'Geleënheet, wëssenschaftlech den Offall vun de verschiddene Booter auszewäerten an ze kucken, wien déi meeschten Efforten gemeet huet. Mir organiséieren och e flotten Owend, wou mer all léieren, wei mer flësseg Seef an och Zahnpasta kënne selwer hierstellen. Mëttwochs owes kucke mer ausserdem e Film a setzen ons mam Thema Zero Waste ausseneen. Mëttwochs Nomëttes (sollt Wierder net mattspillen, da schonns Dënschdes nomëttes) gi mir eng Plage botzen an och Echantillonen fir d'Uni vun Execter sammelen, déi wëllen analyséieren, weivill Micro- a Nanoplastik am Sand verstoppt ass. Ronn 30 Leit kënnen hëllefen bei dësem Echantillonage. All Boot kritt och e Micro fir un den Handy unzeschléissen, an dir kennt iwwert déi ganz Woch e Video-Tagebuch zum Zero Waste Challenge uleeën. All des Aktivitéiten ginn finanziell vum Fonds National de la Recherche ënnerstëtzt.

Ausserdem huet d'Ekipp vum Mérite Jeunesse de Privilège, bei der Ëmsetzung vun dësem Aktivitéiten méi intensiv eng Hand mat unzepaken.

## Waat ass iwwerhaapt Zero Waste?

Zero Waste heescht näischt aneschters wie Keen Offall. Daat heescht am Idealfall eng éidel schwaarz Poubell. Daat heescht awer och, esou mann wéi méiglech ze recycléieren, an Objeten esou oft wéi méiglech nach weider ze benotzen ier se irgendwann entsuergt a recycelt ginn.

Et heescht och, bewosst anzekafen a sech schons beim Akaf d'Fro ze stellen, op deen Objet ka kompostéiert oder recycléiert (hei matt enger kloerer Preferenz zu Holz, Glas, Metall iwwer Plastik) ginn.

## A wéi maan mer daat?

## Doheem – ier et lass geet

D'Organisteure vun der Regatta.lu hunn sech dest Joer Méih ginn, eng Optioun vun onverpaakten a regionalen, oft bio, Produkter matt op der Menüslëscht unzebidden. Den traditionnelle Choix vum läschte Joer aus dem Supermarché steet och zur Verfügung. Dir hutt jo schons am Virfeld e Questionnaire geschéckt krut, wou déi eenzel Optiounen identifizéiert woren a wou dir zesummen matt ärem Skipper Iech är Iesswueren fir d'Woch konnt eraussichen. Well et am Beschten ass, Offall vun Ufank un ze vermeiden, probéiere mir all schons doheem, esou gutt et geet kee Plastik a keng Verpackungen ze kafen an an onse Segelsak anzepaken.

**Hei e puer Tipps:**

- Dir krut jo all eng **Waasserfläsch** vu Restopolis geschenkt. Fëllt Iech déi och fir ënnerwee am Bus. Dës Fläsch wärt och duerno u Bord praktech sinn, fir ëmmer eng gutt Schlupp Waasser während der Regatta prett ze hunn. Vue datt der all déi nämlecht Fläschen wert hunn, denkt drun, är Fläsch ze personaliéieren (z.B. e faarwege Streckel drun hänken) fir datt der är och ëmmer ëremfannt.

- Dir krut och all eng **Ecobox** vun der Superdreckskëscht an der Ëmweltverwaltung geschenkt. Net nëmmen datt der déi häerno zu Lëtzebuerg kennt weider benotzen fir ärt Iessen aus engem Restaurant mat heem ze huelen an datt des Ecoboxen mat 5€ consignéiert sinn, mee dir kennt se och Freides Owes huelen, fir bei de Foodtrucks äre Menü dodranner zervéieren ze loossen, an op dës Manéier vill Offall ze vermeiden.

- **Selwergebake Kichelcher & Müsliriegelen** schmaachen net nëmme besser a si vill méi gesond, mee si sinn och net agepakt! Firwat net am Firfeld doheem matt de Kollegen eppes Guddes baken an daat matt huelen fir am Bus an u Bord ze knabberen. Déi kanns de z.B. gutt an der Ecobox transportéieren, a bis mer bei de Foodtruck ginn, ass se jo bestemmt eidel gefrupst. Vergiesst net, är Ecobox nach eng Kéier gutt ze spullen !

- **Bréng w.e.g. vun doheem mat :**

-
    - Deng Waasserfläsch 

    - Deng Ecobox 

    - 2 al Strëmp

    - 1 alen T-Shirt 


    - 1 proppert Amaachglas matt Deckel(250ml) 

    - All Equipe soll och seng eegen Spulllompen a Kichendicher matbrengen.



## U Bord




Ärt Iessen hutt der jo am Virfeld schons bestallt a bestëmmt och gutt iwwerluecht, wat der alles ouni Verpackung wollt bestellen. Dest Iessen wat vum Zero Waste Shop kënnt get an engem ganz spezielle Shopper geliwwert. An zwar hu mir déi aus ale Segelen, die mer geschenkt kruten, zesumme mam Bitz-Atelier vun Autisme Luxembourg asbl, upgecycelt.



D'Uebst wäert a Jute-Säck geliwwert ginn, a fir d'Baguetten hun mir flott Säck aus regionalem Lengent am Bitz-Atelier vun Autisme Luxembourg asbl bitze geloos.



Och wäerte verschidde Produkter a consignéierte Glieser geliwwert ginn, déi mer duerno erëm asammelen an un de Zero Waste Buttek zereckginn. Eng Méiglechkeet fir dës consignéiert Behälteren ofzeginn ass owes beim Waste Control.



Dir kritt och Kaffisfilteren aus Léngent, déi der einfach mat propperem Waasser kënnt ausspullen an emmer erëm benotzen. De Kaffi verfierft se, daat ass normal. De Kaffisaatz kënnt der sammelen a benotzen fir z.B. den Fong vun der Pan (no der Wäinzossis) propper ze schruppen. Dir kënnt en och mat an d'Dusch huelen fir Iech do en Detox-Peeling ze maachen

.

Fir u Bord ökologesch an Zero Waste ze botzen kritt der wäissen Esseg, Bicarbonate de soude, Marseiller Seef, eng hëlze Spullbiischt a Spéin, déi d'Firma PIWEL ons gesponsort huet.









Z.B. kënnt der mat der hëlzener Spullbiischt iwwert de Cube Marseiller Seef reiwen an esou spullen. Vun der Seef kennt der iech och Stécker dervunner erofschneiden an se mat an d'Dusch huelen, fir Kierper an Hoer dermadder ze wäschen. Am Laf vun der Woch braucht der e Stéck vum Cube och nach an engem Workshop. Do gesi mer, wéi mer dorausser flësseg Allesseef kënnen hierstellen.




De wäissen Esseg kënnt der benotzen, fir ze botzen (e gudde Schotz an den Botzeemer mat Waasser) a fir d'Buedzemmer an de Frigo ze desinfizéieren. En ass och gutt fir ze entkalleken.




Mat dem Bicarbonate de soude an enger fiichter Fatz kënnt der z.B. Lavaboen propper schruppen (wéi Ciff benotzen). An de Workshops entdecke mer, wat mer nach alles kënnen domadder ustellen.

# Zero Waste Workshops

## AKTIVITEIT 1 : Waste-Control ( CHALLENGE A,B,C )

Well mir ons alleguerte Méih ginn, esou wéineg wéi méiglech Offall ze produzéieren, gett et e Präis fir daat Boot, waat iwwert déi ganz Woch am mannsten Dreck an der Poubelle huet. Well mir wëllen all Spaass mam Zero Waste hunn, an dat locker huelen, fanne mir Fuddelen, ewéi Dreck iwwer Bord geheien oder an aner Poubellen schmuggelen oder u Bord verstoppen, dofir wirklech net cool…

Fir all de Booter hier Poubellen ***<u>fair</u>*** ze kontrolléieren hu mir folgende Programm opgestallt. All Owend wa mir zeréck am Haafe sinn (während der Duschzäit, a wann et nach hell ass, 18:00-19:00 Auer), ginn déi désignéiert Equipen op de respektiven Pontonen eng Kontrollstatioun opriichten. All Booter kënnen dann hier Poubellen do laanscht bréngen a weie loossen. Duerno kënnt der se direkt an dem passende Container entsuergen an direkt weider an d'Dusch goen. Kee Schüler soll säin eegent Boot kontrolléieren, dofir hunn mir dës Lëscht fir Iech preparéiert:

| Méindes Owes | | | | Dënschdes Owes | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Kontroll-Team | | Kontrolléiert Booter | Ponton | Kontroll-Team | | Kontrolléiert Booter | Ponton |
| A | Boot 1 | 2 | E | A | Boot 3 (moitié) | 1 | E |
| | | 3 | | | | 2 | |
| | | 4 | | | | 4 | |
| | | 5 | | | | 5 | |
| | Boot 2 | 6 | | | Boot 4 | 6 | |
| | | 7 | | | | 7 | |
| | | 8 | | | | 8 | |
| | | 9 | | | | 9 | |
| | | 1 | | | | 3 | |
| B | Boot 10 | 11 | M | B | Boot 12 | 10 | M |
| | | 12 | | | | 11 | |
| | | 13 | | | | 13 | |
| | | 14 | | | | 14 | |
| | | 15 | | | | 15 | |
| | Boot 11 | 10 | | | Boot 13 | 16 | |
| | | 16 | | | | 17 | |
| | | 17 | | | | 18 | |
| | | 18 | | | | 12 | |
| C | Boot 19 | 20 | V | C | Boot 23 | 19 | V |
| | | 21 | | | | 20 | |
| | | 22 | | | | 21 | |
| | | 23 | | | | 22 | |
| | | 24 | | | | 24 | |
| | Boot 20 | 25 | | | Boot 24 | 23 | |
| | | 26 | | | | 25 | |
| | | 27 | | | | 26 | |
| | | 28 | | | | 27 | |
| | Boot 21 | 29 | | | Boot 25 | 28 | |
| | | 30 | | | | 29 | |
| | | 31 | | | | 30 | |
| | | 19 | | | | 31 | |

| Mëttwochs Owes | | | |
|---|---|---|---|
| **Kontroll-Team** | | **Kontrolléiert Booter** | **Ponton** |
| A | Boot 5 | 1<br>2<br>3<br>6 | ? |
| | Boot 6 | 4<br>5<br>7<br>8<br>9 | |
| B | Boot 14 | 10<br>11<br>12<br>13<br>15 | ? |
| | Boot 15 | 14<br>16<br>17<br>18 | |
| C | Boot 26 | 19<br>20<br>21<br>22<br>23 | ? |
| | Boot 27 | 24<br>25<br>26<br>28 | |
| | Boot 28 | 27<br>29<br>30<br>31 | |

| Donneschdes Owes | | | |
|---|---|---|---|
| **Kontroll-Team** | | **Kontrolléiert Booter** | **Ponton** |
| A | Boot 7 | 1<br>2<br>3<br>9 | ? |
| | Boot 9 | 4<br>5<br>6<br>7<br>8 | |
| B | Boot 16 | 10<br>11<br>12<br>13<br>17 | ? |
| | Boot 17 | 14<br>15<br>16<br>18 | |
| C | Boot 29 | 31<br>20<br>21<br>22<br>23 | ? |
| | Boot 30 | 24<br>25<br>26<br>27 | |
| | Boot 31 | 28<br>29<br>30<br>19 | |

Et ass esou agedeelt, datt all Boot am Laf vun der Woch 4-5 aner Booter ze kontrolléiere kritt, esou datt et séier geet an net zevill Zäit ewechhëllt. Et sollten mindestens zwee Schüler pro Kontroll-Team ënnerwee sinn, gären därf a soll awer déi ganz Ekipp matmaan. Flott wier et, wann all Boot säin Offall prett hätt wann de Wastecontrol ass, an dann och duerno am Hafen kéint direkt entsuergen. Hei d'Lëscht mat de Poubellen, déi am Hafen disponibel sinn:



D'Schüler vum Mérite Jeunesse stinn iech während dem Wastecontrol zur Säit, wann der Froen hutt. Vun hinnen kritt der och daat néidegt Material (Woo, Hänschen, ...) déi der braucht. Op folgendem **Link** fannt dir och den online Questionnaire, deen et pro Kontroll (pro Dag a pro Boot) auszefëlle gëllt. Dir kënnt pro Kontroll-Ekipp dësen Online-Formulaire op engem vun ären Handyen lueden an dann an der Equipe zesummen ausfëllen. Dir sollt den Offall a Kategorien andeelen: Glas (consigne), Glas (recyclabel), Pabéier (recyclabel), Plastik (recyclabel), Kompost, Restmüll, etc).

**Questionnaire fir de Waste Control**

Dir sollt den Offall quanitifzéieren, d.h. zielen, weien, moossen, an eventuell mat Fotoen documentéieren. Wann Iech eppes Extra's opfällt bei deene Booter dée der kontrolléiert hutt, kënnt dir daat och gären am Questionnaire festhaalen, z.B. eng Ekipp déi sech extravill Méih bei hirer Offallgestioun gemeet huet. Dir dierft och gären déi Ekipp befroen an är Bemierkungen an de Questionnaire antippen.

All des Données sammele mir, an da rechnen mir, zesummen mat de Schüler vum Mérite Jeunesse aus, wéi e Boot am mannsten Knascht an dëser Woch produzéiert huet. Wann deen een oder aneren vun iech sech derzou beruff fillt, hei zousätzlech eng Hand mat unzepaken, dierf dir dat gären man. Mellt Iech dofir séierméiglechst beim Tania!

All Owes beim Iessen gett et en Zwëscheresultat, wou mer gesinn, wéi gutt déi eenzel Booter matt hirer Offallgestioun do stinn.

# AKTIVITEIT 2 : ZERO WASTE FILM (youth4planet)

Ons Mérite Jeunesse Ekipp huet als Optrag, kleng Filmer zum Thema Zero Waste iwwert déi ganz Woch ze dréinen. Awer net nemmen si sollen d'Chance kréien, un däser Aventure deelhuelen, mee dir Alleguerten sollt hei kënnen matmaan.

Iwwert d'Woch kënnt dir dann zesummen esou mam Handy alles dokumentéieren, wat Iech zum Thema Plastik an Offall op- an afällt. Dir kënnt och z.B. eng Art Video-Tagebuch féieren, iwwert déi Efforten déi dir op ärem Boot an an ärer Equipe gemeet hutt. Dir kennt natierlech och d'Regatta filmen a wéi der Spaass beim Segelen hutt. Wann der bei de verschiddene Zero Waste Aktivitéiten matmaacht, kënnt dir och gäre Reporter spillen an är Impressioune festhalen.

| **Beach-cleanup filmen (Dënschdes oder Mëttwochs owes)** | **Wastecontrol filmen (all Owend)** | **ZW Workshop filmen (Dënschdeg Owend)** | **ZW Film- an Diskussions-Owend filmen (Mëttwoch Owend)** |
|---|---|---|---|

Pro Boot kritt der e klengen Micro geléint, deen der un den Handy kënnt uschléissen. Am Laf vun der Woch kënnt der är eege Videoen um Handy zesummeschneiden, wéi z.B. mat enger gratis App wéi iMovie. E prakteschen Tip: haalt ären Handy den horizontale Wee beim Filmen, da sinn d'Biller och direkt de richtege Wee gedréint fir op enger Télé oder Leinwand gekuckt ze ginn. De Storytellingprinzip gesäit fir, dass e Minifilm (ronn 2 Min.) als éischt eng Problematik identifizéiert (z.B. eng Plastiksfläsch déi um Bord vun der Strooss läit), dann eng Alternativ présentéiert/disktutéiert an dann mat enger flotter Konklusioun ofschléisst.

youth4planet INTERNATIONAL

Dir dierft och gären ärt Filmmaterial deelen an zur Verfügung stellen fir datt d'Ekipp vum Mérite Jeunesse se dann mat verschafft. Dofir kënnt der um Enn vun der Woch gären iwwert WeTransfer är Filmer dem Tania zoukomme loossen - vergiest awer net, de Fichier mat ärem Numm an der Nummer vun ärem Boot ze benennen.

Mir organiséieren och am Firfeld fir déi interesséiert Schüler eng kleng informell Formatioun wéi een mam Handy flott kann filmen. Des fënnt Samsdes Mueres den 29.03.2019 vun 11:00 bis 12:00 Auer am LJBM statt. Wann der do wëllt matman, da mellt iech séier beim Tania un. Hutt der d'Formatioun verpasst a wëllt awer gären méi aktiv am Film-Team mattschaffen, kënnt dir Iech am Bus nach umellen, d'Tania an d'Julia ginn Iech Méindes da weider Erklärungen.

Weinst dem Datenschutzgesetz an dem Copyright, bieden mer Iech alleguerten folgend Formularen auszefëllen, datt dir d'accord sitt gefilmt ze ginn während dëser Woch, respektiv datt ärt gefilmten Material häerno dierf vun Youth4Planet verschafft a gewise gin.

*Dëse Formulaire soll jiddereen (Schüler a Skipper) ausfëllen, fir domat säin Accord ze ginn, dass e bei der Regatta gefilmt a fotograféiert gëtt :*

**Autorisation de reproduction et de présentation d'images**

*Dëse Formulaire sollen all déi ausfëllen, déi Videomaterial un Youth4Planet weiderginn:*

**Y4P Einverständniserklärung**

# AKTIVITEIT 3 : wëssenschaftleche BEACH-CLEAN UP

## Dënschdes oder Mëttwochs am spéiden Nometteg (hänkt vum Wieder of)

Dënschdes oder Mëttwochs Nomëttes, wa mer zeréck am Hafe sinn, hutt der d'Méiglechkeet un engem Beach-cleanup deel ze huelen. De geneeën Dag hänkt vum Wieder of.



Hei geet et net nemmen drëms, eng Plage ze botzen, mee och wierklech ze analyséieren, weivill Knascht a virun allem wéi eng Zort vun Knascht hei opgeraf gouf. Dofir gi mir wëssenschaftlech vir, an déi Informatiounen déi mir hei zesumme sammelen ginn dann an England op der Uni Exceter ausgewäert. Mir wäerte mat Fotoen a Filmer dokumentéieren, wéi e Knascht do virzefannen ass, a mir schreiwen dat och alles op (Zigarettestëmp, Glas, Chipstuten, Béchsen, Plastik - wéi eng Zort Plastik … )

Engersäits dokumentéiere mer also allgemeng, wat mer asammelen, mee mir wäerten och mindestens 125 Echantillonen vu Sand huelen, déi dann op Microplastik an Nanoplastik ënnersicht ginn. Dësen Deel vum Beach-clean up gëtt vun der Equipe vum Mérite Jeunesse geleet an et kënnen nach maximal 20 Léit sech hei zousätzlech androen. Well esouguer ons Kleeder Nanoplastik enthaalen an ons Echantillonen kënne kontaminéieren, musse mer hei ganz minutieux virgoen (baal esou ewéi bei CSI :) ) an eng exakt Prozedur op der Plage anhalen. Dofir treffe mir eis schonns am Virfeld Samsdes Mueres den 29.03.2019 vun 10:00 bis 11:00 Auer am LJBM. Hei gesi mer déi ganz Methodologie, wéi mer déi Prouwe wärten huelen, wéi eng Informatioune mer deen Ament mussen notéieren, an op wat mer alles mussen oppassen. Hutt der dës Formatioun verpasst, wëllt awer un dësem spannende wëssenschaftlechen Deel vum Beach clean-up matman, kennt der lech am Bus nach bei de Responsabele mellen.

Duerno gett de Knascht natierlech agesammelt an entsuergt. Eventuell Stéchprouwen ginn gehaalen fir an de Labo.

Dir kënnt och matgoen, fir dat ganzt filmesch ze dokumentéieren.

## AKTIVITEIT 4 : DIY WORKSHOPS

### Dënschdes owes (21:00 - 23:00 Auer)

Hei treffen mir ons am Hafen a ginn dann zesummen an e Sall. Mir wärte gesinn, wéi ee selwer kann Zahnpasta a flësseg Alles-Seef man. Bréngt dofir och e Steck vun ärer Marseiller Seef mat an de Workshop.

Bei dëser Aktivitéit mécht jidderee mat a mir wärten an zwou Gruppen agedeelt sinn:

| **Auerzait** | **Dënsdes Owes : DIY Workshop** |
|---|---|
| 21:00 - 22:00 | *Equipage vun de Booter matt de grueden Nummeren* |
| 22:00 - 23:00 | *Equipage vun de Booter matt den ongrueden Nummeren* |

Schüler vum Mérite Jeunessse hëllefen an dir all kënnt filmen.

## Aktivitéit 5 : DISCUSSIONS- A FILMOWEND

### Mëttwochs Owes

Haut den Owend treffe mer ons all zesummen an der Maison du Port, vun 21:00 bis 23:00 Auer.

- Fir unzefänken, wärt de Win Schumann ons vun sengen exceptionnellen a spannenden Erfahrungen am Oceancollege verzielen.
- Da kucke mer de Film *Der Plastikfluch* (28 min), iwwert dee mer ons duerno austauschen an allgemeng iwwert Zero Waste diskutéieren.




- Uschléissend wärte mer iwwert onse Zero Waste Challenge austauschen.

Schüler vum Mérite Jeunessse hëllefen d’Soirée ze animéieren, an de Y4P Team filmt.

# Foto Concours

Als neie Partner vun der regatta.lu lancéiert den ACL e Foto-Concours fir all d'Schüler déi un der Regatta deelhuelen.

Weist Är Kreativitéit an entdeckt Äert Talent als Fotograf. Déi 3 Fotoen déi gewannen, ginn am Kader vun der Kommunikatiouns-Campagne **« YoungACL : You travel, we care »** benotzt, bei där et drëm geet, d'Sécherheet vun deene Jonken bei hire Reesen ze verbesseren.

YOUNGACL

## Fir matzemaachen :

- Schreift Iech an op **www.acl.lu/regatta**
- Schéckt eng Foto vun engem Erliefnës während der Regatta mat **WhatsApp** op d'Nummer **621 589 107**

## Wéi ginn d'Gewënner ermëttelt ?

- D'Fotoen déi der iwwert WhatsApp aschéckt, ginn no an no veröffentlecht op **www.acl.lu/regatta** an um **Facebook ACL_YoungACL**
- Déi 3 Fotoen, déi di meeschten Likes op Facebook kréien bis den 21.04.2019 um Mëtternuecht hu gewonnen
- D'Gewënner vum Concours ginn den 22.04.2019 per E-Mail kontaktéiert a gewanne flott Präisser.

**Entdeckt Ärt artistescht Talent a maacht mat beim Concours !**

**Alles weideres op www.acl.lu/regatta**